Escher Meedchen

Théâtre d'Esch · Theater · reprise

Alter: 14 – 99

Më 22.05.19, 20h
Do 23.05.19, 20h

Tarif: **P1**

TEXT:
Mandy Thiery

INZENÉIERUNG:
Rafael Kohn

MAT:
Brigitte Urhausen

BÜHNEBILD:
Jörg Brombacher

KREATIOUN:
Mäerz 2018

PRODUKTIOUN:
Théâtre d'Esch

FOTO:
Marcel Conen

„D'Mamm huet dat eenzegt richteg gemaach: se huet eis „Paus" bäibruecht. Dat, wat se selwer am beschte konnt. Éier een mat de Wierder ronderëm hantéiert, muss een d'Paus beherrschen. De Silence. Dee gehéiert beim Schwätzen dozou. De richtege Moment näischt ze soen ass di essentiell Basis vum Schwätzen."

Wat awer geschitt, wann *d'Paus* ze grouss gëtt? Wann de *Silence* onerdréiglech gëtt? Wann Wierder ufänken, an engem ze jäizen?

D'Mona huet vu klengem un geléiert, dass Wierder wéidoe kënnen an et besser ass, de Mond ze halen. Aus Angscht, den anere Leit wéizedoen, entscheet et sech dozou, seng *Paus* ze verbesseren, andeems et Fëllwierder benotzt, laacht, Zigaretten ufänkt an Alkohol konsuméiert.

Vu baussen dreet *d'Paus* d'Mona ze erdrécken, a vu banne bauen all di onausgeschwate Wierder Drock op, deen zu enger Explosioun ka féieren.

Lo muss et sech decidéieren: léisst d'Mona sech vum *Silence* erdrécken, oder léisst et all di Wierder fräi, di sengem Ëmfeld schueden?

Nom Erfolleg vum Mandy Thiery séngem Debutstéck an der leschter Saison, ass den Escher Theater houfreg et nach eng Kéier op de Programm ze setzen. „Escher Meedchen" ass eng gekonnt Milieustudie iwwer deen Deel vun der Gesellschaft, deen oft lénks leie gelooss gëtt. D'Stéck beweist, wéi ähnlech dach eis Problemer sinn.

Dauer: 60'
op Lëtzebuergesch

„Den Naturalismus vum Text, deem sech och zu all Zäitpunkt an dem Spill vun der Brigitte Urhausen spigelt an dee vun der Inzenéierung ëmerstrach gëtt, fëiert zu engem éierlechen Theater, dee mat Momenter beréiert (...)"
Jeff Schinker, Tageblatt, März 2018

Schoulvirstellungen:
secondaire – 5e, 4e, 3e, 2e, 1e

Dë 21.05.19, 10h
Më 22.05.19, 10h

No de Virstellungen ass e Gespréich mat de Kënschtler virgesinn.

An der **Päischtvakanz** proposéiert de Rafael Kohn, de Regisseur vum Stéck, e Workshop zum Thema Erzielkonscht. An dësem Atelier ginn Grondtechniken vum Erzielen, wéi Associatiounsketten, Interaktioun mam Publikum a Raumgefill vermëttelt. Wëllkomm sinn all jonk Leit vu 15 Joer un.
Weider Informatiounen op theatre.esch.lu (ab Januar 2019) oder op Ufro:
ateliers@theatre.villeesch.lu